N° 4190
Reçue le 30.04.2021

Nouvelle version

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nr. 3797 schreift den Här Minister, dass aktuell 163 Schüler, déi hire Wunnsëtz am Ausland hunn, eng Grondschoul vun der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer besichen.

An deem Kontext wollt ech nach eng Rei weider Froe stellen:

1) Wéi vill Schüler sinn aktuell an de Grondschoule vun der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer ageschriwwen? Wéi verdeelt sech dës Zuel op déi verschidde Schoulen? Wéi verdeelen sech déi 163 Schüler, déi hire Wunnsëtz am Ausland hunn, op déi verschidde Schoulen?
2) Bei de Grondschoulen entscheet de Schäfferot vun der betraffener Gemeng, ob ee Kand aus enger anerer Gemeng an hir Schoul opgeholl gëtt. Dëst kann awer nëmmen op Grond vun enger besonnescher Motivatioun geschéien. Wien hëlt déi Entscheedung am Fall vun de Grondschoulen aus der Lëtzebuerger internationaler Schouloffer? Wéi eng Konditioune mussen erfëllt sinn?

Mat déiwem Respekt

Fred Keup

Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4190 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Aktuell sinn 1.487 Schüler an enger Lëtzebuerger internationaler Grondschoul ageschriwwen. Si verdeelen sech folgendermoossen op déi ënnerschiddlech Schoulen:

Lëtzebuerger international Grondschoul	***Schülerunzuel***
École internationale de Differdange et Esch-sur-Alzette	531
École internationale de Junglinster	291
École internationale de Mondorf-les-Bains	125
École internationale Edward Steichen	118
International School Michel Lucius	422
TOTAL	**1.487**

Vun dëse 1.487 Schüler hunn zum aktuellen Zäitpunkt 166 hire Wunnsëtz am Ausland. Am Mäerz 2021, wéi d'Recherchen fir d'parlamentaresch Fro Nr. 3797 gemaach goufen, waren et dräi Schüler manner. Dësen Ënnerscheed erkläert sech duerch eng nei Inscriptioun an enger Lëtzebuerger international Grondschoul an duerch de Wiessel vum Wunnsëtz vun zwee Schüler.

Dës 166 Schüler verdeelen sech folgendermoossen op déi ënnerschiddlech Schoulen:

Lëtzebuerger international Grondschoul	***Schülerunzuel mat Wunnsëtz am Ausland***
École internationale de Differdange et Esch-sur-Alzette	91
École internationale de Junglinster	39
École internationale de Mondorf-les-Bains	19
École internationale Edward Steichen	8
International School Michel Lucius	9
TOTAL	**166**

Ad 2)

Bei den internationale Schoulen ass et d'Direktioun vun der Schoul, déi d'Décisioun hëllt. Dobäi gi verschidden Aspekter berücksichtegt, wéi zum Beispill d'Zuel vun den disponibele Plazen an deenen ënnerschiddleche Sproochesektiounen, oder och de Fait ob schonn e Brudder oder eng Schwëster aus deem selwechten Elterenhaus an der Schoul ageschriwwen ass.